



Lëtzebuerg, den 6ten Februar 2017

Cercle Nautique de la Commune de Pétange a.s.b.l.

Secrétariat:
SCHWARTZ Claude
17 rue Jean-Pierre Huberty
L- 1742 Luxembourg
Tel. mobile: 661 580 741

E-mail: cnp.plongée@orange.lu

C.C.P.L. LU94 1111 0688 6087 0000
B.C.E.E. LU53 0019 6600 0178 3000

INFO Februar 2017

Memberskaart

Am Info vum Oktober 2016 wuar d'Memberskaart 2017 mam Opruff fir d'Cotisation ze bezuelen. Den Tresorier seet datt eng Reih Cotisationen nach net bezuelt sin. Duerfir nach eemol dësen wuarmen Opruff: wanns du dain Club weider ënnerstëtzen wëlls dann iwweeise ons w.e.g. deng Cotisation, am aanere Fall musse mäer dovun ausgoen datts du nët méih un onsen Aktivitéiten interesséiert bas.

Dokterziedel

Et ass och Zait fir d'Lizenzen ze erneieren. Giddwereen deen seng Lizenz muss oder well erneieren muss dem Patricia bis den 28ten Februar en Dokterziedel ofgin.

Mail: patricia.koenig@education.lu

Opgepasst, fir an d'Fosse oder an de Stau ass eng gültig Lizenz Pflicht!

Fläschentraining

Den 07/02; 21/02; 07/03; 21/03; 28/03 an den 25/04 gin Fläschentraininger an der Schwëmm ofgehaalen. **Opgepasst:** d'Fläschentraininger fänken **15 Minuten méi fréih** un, also um 19.45 Auer

Wantergrillen

D'Wantergrillen ass **sonndes den 26ten Februar**. Rendez-vous ass em 12.00 Auer bei onsem Chalet. De Club stellt d'Feier, d'Fleesch an d'Brout. Fir de Rescht muss giddwereen selwer suergen. Et kann och getaucht gin.

Umeldung w.e.g. bis denschdes den 21. Februar. So bei der Umeldung w.e.g. Bescheed zu weivill datts du grillen kenns an ween tauchen well goen.

Challenge

De Challenge ass **samschdes den 18ten März um 20.00 Auer zu Diddeléng** am Centre Sportif René Hartmann. Mäer hun eng kleng Equipe fir den Challenge zesummen. Et gin awer genug Epreuven esou datt deen een oder aaneren nach an der Equipe wellkomm ass. Mäer kéinten och een Chronométreur gebrauchen. So ons sou séier wéi meiglech Bescheed wanns du wells matmaachen..

Apnéetraining

Am Mee hält d'Mireille 4 Trainingen wou et haaptsächlech em d'Apnée geet. D'Datumer kommen no. Avis aux Amateurs.



Lëtzebuerg, den 6ten Februar 2017

Cercle Nautique de la Commune de Pétange a.s.b.l.

Secrétariat:
SCHWARTZ Claude
17 rue Jean-Pierre Huberty
L- 1742 Luxembourg
Tel. mobile: 661 580 741

E-mail: cnp.plongée@orange.lu

C.C.P.L. LU94 1111 0688 6087 0000
B.C.E.E. LU53 0019 6600 0178 3000

INFO Februar 2017

Nuit des Sports

Samschdes den 20ten Mai ass d'Nuit des Sports. Mäer maachen do mat andeems mäer vun 18.00 bis 20.00 Auer Baptêmer maachen. Ween interesséiert ass bei den Baptêmer ze hellefen kann sech elo schons mellen an sech den Datum reservéieren.

Tauchvakanz zu Roses

Ons Tauchvakanz zu Roses steet. Mäer fueren vum 2ten bis den 9ten September. De Prais vum Hotel ass 540€ pro Persoun am Duebelzimmer. D'Eenzelzimmer kascht 30€ Supplement pro Dag. Den Hôtel ass gudd besicht an mäer müssen mat Zaiten reservéieren. Mäer müssen bis Enn März wessen wien matgeet an weivill Zimmer mäer reservéieren müssen.

Kalenner

07.02	Fläschentraining
21.02	Fläschentraining
26.02	Wantergrillen
28.02	Leschten Termin fir den Dokterziedel
02.03	Fosse
07.03	Fläschentraining
18.03	Challenge
21.03	Fläschentraining
28.03	Fläschentraining
31.03	Umeldetermin Tauchvakanz zu Roses
25.04	Fläschentraining
29.04	1. Meetauchen
Mee	4 x Apnéetraining
11.05	Fosse
20.05	Nuit des Sports

Fir de Groupe de travail,
Claude
MbG